Brouennes

Samsdes den 5.Dezember wor déi leschten Sortie fir dëst Joër ungesot an 13 Fëscher vun eisem Club woren op Brouennes gefour fir d'Joër ausklengen ze loossen. Ewei mir Moies Doheem fortgefour sin war et richtég wanterlech, bei Temperaturen knapps ënnert dem Gefréierpunkt hat den Niwwel deen dobäi komm wor d'Stroossen schéin mat Räif iwwerzun esou dass ganz virsichtégt Fueren ungesot wor. Den ganzen Dag iwwer sollten d'Temperaturen och net iwwer 5 ° am Plusberäich klammen och wann Mëttes ewei den Niwwel sech verzun hat zeguer hei an do d'Sonn luussen komm ass. Brouennes läit an Frankräich an mir haten dësen Site virun énger Reih vun Joren fir eis entdeckt ewei den Weiher vun Rabais net disponibel wor. Nodeems mir elo ee puer Joër net méi dohinner gefuer woren ewell den Trophée Weiher ewou mir ëmmer gefëscht hun net méi fir d'Fëscher zougängeg ass, haten mir spontan bei eiser Sortie op la Strange decidéiert am Dezember dohinner ze fueren fir d'Sortie op Sommedieue déi gestrach gin wor ze kompenséieren. Zu Brouennes unkomm hun mir no der obligatorescher Taas Kaffi direckt las geluecht an et sin och direckt vill Fësch gefaangen gin.

Den Weiher vun Brouennes läit an énger Pisciculture an ass domader ëmmer ganz gudd mat Forellen besat, hei kann een haaptsächlech Reebouforellen fänken mée och Baachforellen an Saiblingen sin ze fänken. Éng vun den Spezialitéiten vun der Fëschzuucht ass d´Zillen vun Kaarpen an esou sin dann och Kaarpen am Fëschweiher bei der Lodge besat an hei an do gin Dës zeguer mat der Méck gefaangen. Dës Kéier wor et mir vergönnt een vun den schéinen Kaarpen ze fänken an zwar mat énger Stilwaternymph an mat 15/honnerstel am Virfach. Zum Gléck wor mäin Kolleg den Albert an der Géigend

an huet mir gehollef den Kaarp ze kächeren, och wann séng Epuisette ee bëssen ze kléng wor fir den Fësch hun mir et awer zesummen fäerdeg bruecht den Fësch ze landen an nodeems mir séier déi éng oder anner Foto als Souvenir gemeet haten ass Dësen dann och séier schounend erëm zeréck gesat gin.

Mir woren dann och ganz frouh dass mir erëm Een vun eisen jéngsten Memberen, den Joé, motivéiert krutten fir mat ons fëschen ze goën. Et ass hautes Dags net méi esou einfach déi jonk Leit fir eis Passioun ze begeeschteren ëmsou erfreeter sin mir wann mir d´Méiglechkeet hun eist Wëssen un déi nächsten Generatioun weider ze gin. Fir d´Mëttegiessen haten mir eis Wëld bestallt an dat gudd präparéiert Wëldschwäin wor net vun schlechten Elteren, keen Wonner wann een wees dass den Patron vum Site selwer Metzler ass. Mir hun eis dann ewei ëmmer och net fléiwen geloos an hun kéng Reschter iwwreg geloos. Natiirlech sin bei déier Geleenheet och erëm vill Wouréchten an hallew Wouréchten opgedëscht gin ewei mir eis verzielt hun ewei mir déi leschten Ausflig bei d´Waasser verbruecht hun. Mée dat gehéiert onbedéngt dozou an och an dësem Domäine beweisst eisen Präsident, den Jeek, ëmmer dass Hien mat Rescht Präsident ass. Mir hun eis fir déi Erausfuerderung mam wëllen Schwäin natiirlech och besonnesch vill Zäit geloos an hun och do eisen Mann gestallt.